LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, an der Madamm Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°7801 vum 20. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

Neen, bis haut sinn der Regierung keng weider sou Fäll bekannt.

**Ad 2) an 3)**

Den Artikel 95, Alinéa 1 an 2 vum ofgeännerte Walgesetz vum 18. Februar 2003 seet folgendes:

*"Est puni d'une amende de 500 à 5.000 euros celui qui, sous prétexte d'indemnité de voyage ou de séjour, a donné, offert ou promis aux électeurs une somme d'argent ou des valeurs ou avantages quelconques.*

*La même peine est appliquée à ceux qui, à l'occasion d'une élection, ont donné, offert ou promis aux électeurs des comestibles ou des boissons."*

D'Froe vum honorabelen Deputéierte kënnen net mat Sécherheet pauschal mat Jo oder Nee beäntwert ginn, well alles vun der jeeweileger Situatioun an de konkrete Faiten ofhänkt. Et läit des Weideren net an der Zoustännegkeet vun der Regierung ze jugéieren, ob eng Strofdot am eenzelne Fall virläit oder net. Dëst ass eleng d'Kompetenz vun der Justiz an notamment dem Parquet.

**Ad 4)**

Et läit net an der Kompetenz vun der Regierung, sech zu dëser Fro z'äusseren.

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2023

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL